N°7925
Entrée le 06.06.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7925 vum 25. Abrëll 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Spautz.**

*- Ass zanter dem 23. Mäerz nach Impfstoff op Lëtzebuerg geliwwert ginn, a wa jo wéi vill Dose si vun den eenzelen Hiersteller ukomm?*

Zanter dem 23. Mäerz 2023 sinn 34.000 Dosen Nuvaxovid op Lëtzebuerg geliwwert ginn. Dës Dosen waren initial virgesinn vir am Hierscht 2022 geliwwert ze ginn mee, op Grond vum Absorptiounstaux an den Verfallsdatumer vun den respektiven Dosen ass e Report vun de Liwwerungen ugefrot ginn.

*- Wéi vill Dosen huet Lëtzebuerg nach an der Reserve?*

De nationale Stock vun Covid-19 Impfdosen huet sech den 15. Mee 2023 op 966.519 belaf.

*- Wat passéiert mat dësen Dosen, vu datt bal keng Nofro méi do ass?*

Am Moment ginn effektiv wéineg Impfdosen verschafft , mee am Fall vun enger eventueller neier Infektiounswell, ass de Stock grouss genuch vir d'ganz lëtzebuerger Bevëlkerung mat Impfstoff ze versuergen.

Dësweideren ass kierzlech een Ofkommes tëschen Pfizer, Gavi an Frankräich (a sengem Rôle als „Vermëttlungsland" am Kader vun den Comirnaty Spenden) ënnerschriwwen ginn, wat den Memberstaten et erméiglecht, Spenden vun hirem nationale Stock iwwert den COVAX Mechanismus ze realiséieren. Dës Méiglechkeet kéint, falls et sech sollt als néideg erweisen , vun Lëtzebuerg genotzt ginn.

*- Huet Lëtzebuerg sech dofir agesat, datt d'EU-Kommissioun nach eng Kéier mat den Impfstoff-Produzenten noverhandelt, fir d'Liwwerungen ze reduzéieren, respektiv ganz ze stoppen?*

Lëtzebuerg ass un den Diskussiounen mat der europäescher Kommissioun bedeelegt vir mat den Impfstoffproduzenten nei ze verhandelen en vue vun enger Reduzéierung vun den jäerlech geplangten Liwwerungen.

*Wa jo, wat ass bis elo an dem Dossier geschitt?*

An deem Moment wou d'Kontrakter mat den Impfstoffproduzenten ënnerschriwwen goufen, war Europa an enger sanitärer Noutsituatioun an d'Prévisiounen sinn op Basis vun verschiddenen Evolutiounsszenarien vun der Pandémie gemaach ginn. Die kontraktuell festgeluechten Quantitéiten sollten eng flächendeckend Impfung vun der ganzer europäescher Bevëlkerung garantéieren an esou e Wee aus der Kris méiglech maachen.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Duerch d'Evolutioun vum Virus u sech an duerch d'Gesamtsituatioun an der Welt huet den Asaz vun den Impfstoffer och evoluéiert; dowéinst hunn d'Memberstaaten sech gezwongen gesinn d'Quantitéiten an d'Liwwerungszaitpunkter z'iwwerdenken.

D'Verhandlungen mat den Produzenten hunn et méiglech gemaach, déi reschtlech Liwwerquantitéiten un Impfdosen op die nächst véier Joer ze verdeelen an beim aktuellen Präis ze bleiwen (19,50 EUR pro Dose) vir esou en permanenten Stock un Impfstoffer bis 2026 kënnen ze garantéieren an op dësem Wee enger eventueller neier Epidemiewell schnell kënnen entgéint ze wierken. Op europäeschem Niveau ass déi reschtlech Liwwerquantitéit vun 450 Milliounen Dosen op 285 Milliounen Dosen erofgaang.

Lëtzebuerg, den 5. Juni 2023

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert